adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
26 MARS 2018
3723

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. Mäerz 2018

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet weiderzeleeden.

Am Juli vum Joer 2016 koum et zu Lëtzebuerg zu schlëmmen Iwwerschwemmungen. Virun allem d'Uertschafte Cruchten, Ermsdorf, d'Fiels, Nommern an de gesamten Aerenzdall ware mat engem héije Materialschued konfrontéiert. D'Regierung huet doropshin de Betraffene finanziell Hëllefe vun insgesamt 30 Milliounen Euro zougesprach.

An deem Kontext géif ech dem Här Minister fir bannenzeg Sécherheet gär dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt déi 30 Milliounen Euro och effektiv un déi betraffe Léit ausbezuelt goufen? Gouf et dobäi Problemer?
2. Kann den Här Minister confirméieren, datt d'Opraum- a Sanéierungsaarbechten no den Iwwerschwemmungen op eng fir déi betraffe Leit zefriddestellend Manéier ofgelaf sinn?
3. Wéi eng Schutzmoossname goufe bis elo getraff fir ze verhënneren, datt sou eng Katastroph nach eemol ka virkommen ?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser

Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
**ADR – Parti politique**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 26 mars 2018

Objet : Question parlementaire n° 3723 du 26.03.2018 de Monsieur le Député Fernand Kartheiser - Inondations

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés

23, rue du Marché-aux-Herbes | L-1728 Luxembourg
Tél.: (+352) 466 966-1 | Fax: (+352) 22 02 30
www.chd.lu